PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/03/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Den 28ten Januar goufen zu Dikrech 2 Beem gefält, déi laut Aschätzung vum Ministère vum Februar 2020 schützenswäert waren an net dierften duerch déi Chantieren, déi hannert de Beem ugefaangen hunn, beschiedegt ginn. An enger zweeter Aschätzung huet de Ministère seng Meenung geännert, dëst, wëll eng weider Entrée zu de Chantiere misst geschaf ginn.
Laut RTL erkläert den Ëmweltministère dës Ännerung e.a. doduerch, dass et sech ëm 2 Projete vun 2 verschidde Promoteure géing handelen. Eng Ausso, déi laut Recherche vum RTL net stëmmt, wëll et sech ëm eng eenzeg Immobilière handelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat huet sech d'Meenung vum Ministère no der Autorisatioun vum Chantier geännert?
2. Hat de Ministère sech mam zoustännege Promoteur a Verbindung gesat a probéiert eng Léisung ze fannen, bei der déi 4 Beem hätte kënne stoe bléiwen?
3. Firwat gëtt déi zweet Entrée eréischt ee Joer nom Ufank vum Chantier néideg?
4. Wéi aal schätzt de Ministère, dass dës Beem waren? Kann een opgrond vum Alter an der Aart soen, dass et sech hei ëm selten Beem gehandelt huet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député